


Géisdreifer

# LANTER



2024 / 02 | INFORMATIIONSZEITUNG VUN DER GEMENG GÉISDREF



© Martine Steichen

# SOMMAIRE

## IMPRESSUM

Éditeur responsable:  
Administration communale de  
Goesdorf

Rédaction:  
Sandy Floener

Coordination et traduction:  
Sandy Floener

Photos:  
Romy Schouten

Design:  
Zoë Mondloch

Mise en page:  
brain&more  
agence en communication

Impression :  
Print Solutions  
750 exemplaires

- 04-05** Avis au public
- 06** Nei Mataarbechter
- 07** Ofgeschlosse Projet'en
- 08-11** Gemengesteieren, Taxen a Redevancen – wat ass dat eigentlech?
- 12-15** Krëstmoart
- 16-17** Nei finanziell Bähëllef
- 18-19** Klimapakt:  
Zertifizéierung 71,2%
- 20-22** Motocross
- 23-33** E Stéck Geschicht: Een Deeler Jong an Amerika
- 34-35** Presentatioun: Camping du Nord
- 36-39** Biodiversitéits-Weekend
- 40-41** Vëlosummer
- 42-43** Aweigung historesch Panneau'en „D'Geschicht vun der Uewersauer“
- 44** Lokal Veräiner
- 45** Manifestatiounskalenner
- 46-47** Foto-Reportage



# AVIS AU

## Changement des heures d'ouverture

Il est porté à la connaissance des habitants que les heures d'ouverture du bureau de la population/de l'état civil de la commune de Goesdorf ont été adaptées.

### Nouvelles heures d'ouverture :

Lundi	8h30 – 11h30	13h30 – 16h30
Mardi	8h30 – 11h30	13h30 – 16h30 *
Mercredi	fermé	fermé
Jeudi	8h30 – 11h30	fermé
Vendredi	8h30 – 11h30	fermé

\* De 16h30 à 18h00 uniquement sur rendez-vous !

De nombreuses démarches administratives peuvent s'effectuer en ligne, sans que vous deviez vous déplacer:

- demande de documents d'état civil (actes de naissance, mariage, décès): sur demande par mail
- certificats de résidence (élargie): via notre site internet ou via myguichet.lu
- changement de résidence: via myguichet.lu
- inscription sur les listes électorales: via myguichet.lu

Le renouvellement des contrats chèque-service-accueil peut se faire par l'envoi des documents requis par courrier électronique en mentionnant le nom, prénom et numéro de matricule de l'enfant concerné.

Documents à présenter pour le renouvellement du CSA:

- dernier décompte de la déclaration d'impôts;
- à défaut un certificat de revenu établi par l'Administration des Contributions Directes et les 3 dernières fiches de salaires du ménage entier
- en cas de paiement d'une pension alimentaire, un justificatif est à présenter.

Pour toute question ou assistance, vous pouvez contacter le bureau de la population:

- par téléphone: 83 92 70 - 22
- par email: [population@goesdorf.lu](mailto:population@goesdorf.lu)

# PUBLIC

Il est porté à la connaissance du public que, conformément aux dispositions de l'art. 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les délibérations suivantes ont été approuvées par le Conseil Communal :

- **Modification du règlement concernant la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement**

Délibération du conseil communal du 26 juillet 2024 (publiée par voie d'affiche dans la maison communale en date du 27.09.2024)

- **Règlement communal concernant l'organisation du marché de Noël**

Délibération du conseil communal du 26 juillet 2024 (publiée par voie d'affiche à la maison communale en date du 27.09.2024)

Lesdits règlements et les délibérations y afférentes peuvent être consultés à la maison communale pendant les heures d'ouverture de bureau ainsi que sur le site internet de la commune de Goesdorf ([www.goesdorf.lu](http://www.goesdorf.lu)).

## Nei Stroosseschëlter

Am Hierscht gouf den Opdrag fir nei Stroosseschëlter ginn – engersäits, fir futtis a verblatze Schëlter ze ersetzen, anersäits, fir d'Schëlter mat eisem Logo ze aktualiséieren.

*En automne, la commande pour de nouveaux panneaux de nom de rue a été passée – d'une part pour remplacer les anciens panneaux décolorés, d'autre part pour donner aux panneaux un aspect plus moderne avec notre logo.*



# PRESENTATIOUN EMPLOYÉ



**Numm/Nom :** Sylvie Diseviscourt-Georges  
**Tel./Tél .:** +352 83 92 70 – 22  
**E-Mail :** sylvie.diseviscourt@goesdorf.lu  
**Service :** Population et État civil

**Ab dem /à partir du :**  
01.07.2024



**Numm/Nom :** Melissa De Oliveira Martins  
**Tel./Tél .:** +352 83 92 70 -32  
**E-Mail :** melissa.martins@goesdorf.lu  
**Service :** Ressources humaines

**Ab dem /à partir du :**  
01.11.2024

# OFGESCHLOSSE PROJETS

## BUVETTE SPORTSHAL DOL



Virum Summer gouf an der Sportshal zu Dol eng Buvette mat Dëscher a Still amenagéiert. Bei sportleche Fester oder Aktivitéite steet des zur Verfügung.



## KILL-REMORQUE

Dëst Joer gouf decidéiert, an eng Kill-Remorque z'investéieren, soudass Iessen a Gedrénks bei all Manifestatioun a Fest ka kaal gestallt ginn.



# GEMENGESTEIEREN, TAXEN A REDEVANCEN, WAT ASS DAT EIGENTLECH?

D'Gemenge sinn autonom territorial Kollektivitéite mat enger eegener Rechtsperséinlechkeet, déi hiert eegent Verméigen an hier eegen Interessen duerch lokal Vertrieeder verwalten, ënner der Kontroll vun den iwwergeuerdente Verwaltungen.

Fir hir Aufgaben erfëllen ze kënnen, müssen d'Gemenge iwwer déi noutwenneg finanziell Ressourcë verfügen, fir déi mat der Ausübung vun dësen Aufgabe verbonnenen Ausgaben ze decken. Dës finanziell Ressourcë setzen sech aus dräi Deeler zesummen:

- staatlech Dotatiounen;
- lokal Steieren, sou wéi der Grondsteuer oder der Gewerbesteier;
- Taxen an aner Einnahmen, déi d'Gemenge als Géigeleeschtung fir Déngschtleeschungen erhiewen.

All Privatpersoun, ob Proprietär oder Locataire, deen an enger lëtzebuerger Gemeng wunnt, souwéi all Betrib, dee säi Sëtz hei zu Lëtzebuerg huet, ass vun de lokale Steieren an de kommunalen Taxe betraff.

Och Persounen, déi net am Grand-Duché wunnen, kënnen betraff sinn, wann si vun Déngschtleeschunge vu lëtzebuerger Gemenge profitéieren, z.B. wann si en Zweetwunnsëtz hunn oder Waasser verbrauchen.

Déi kommunal Steieren an Taxe berécksiichtege grundsätzlich net déi perséinlech Situatioun (bestuet oder net, mat oder ouni Kanner), de Rechtsstatus (Privatpersoun, Entrepreneur, Onofhängegen, Gesellschaft oder Veräin) oder de Verdéngscht/d'Verméige vun der betraffener Persoun. D'Steieren an d'Taxe stellen an der Reegel eng Bezuelung fir eng erbruechten Déngschtleeschung duer.



Déi kommunal Gewerbesteier (fir Betriber) an d'Grondsteier (fir Betriber a Privatpersounen) verschafen de Gemengen een Deel vun hire Recetten zur Finanzéierung vun hiren Ausgaben, déi d'Gemengen ze droen hunn (Schoulen, Stroossen Infrastruktur, Waasserleitungen, Kanalisatioun, Sport- a Kulturariichtungen asw.). D'Gemenge leeën all Joer de Steiersaz fir d'Grondsteier an d'Gewerbesteier fest. D'Steiersätz vun deenen einzelnen Gemenge ginn (no der Groussherzoglecher Approbatioun) all Joer am Memorial B verëffentlecht.

**Den Typ an de Montant vun de Gemengentaxen (z.B. fir d'Drénkwaasserversuergung, d'Ofwaasserentsuergung oder d'Ofallentsuergung) hängkt vun de Käschte vun deesen Déngschtleschtungen of a kann dofir vu Gemeng zu Gemeng variéieren.**

Déi wichtegst Gemengentaxe sinn déi follgend:

- taxes de chancelleries (fir d'Ausstellung vu verschidene Certificate, Kopie vun Zivilstandsakten, verschidene Autorisatiounen, asw.)
- Taxe fir d'Ofallentsuergung
- d'Drénkwaassertaxen
- d'Ofwaassertaxen
- d'Uschlosstaxen (Uschloss un d'Waasserversuergung, Kanalisatioun, asw.)
- d'Konzessiounstaxe fir d'Kierfechter
- d'Hondssteier
- Parkgebühren (Parken ob öffentleche Stroossen)
- eng Steuer op onbewunnte Gebaier oder bestëmmten onbebaute Grondstécker
- d'Steier op den Zweetwunnsätz.

D'Gemengesteiere sinn entweder periodesch (pro Trimester, pro Semester oder pro Joer) oder eemoleg ze bezuelen.



## ET GINN DRÄI GRÉISSER BERÄICHER, DÉI EEN ËNNERSCHEEDE KANN:

**Steieren:** D'Gemengesteier gëtt definéiert als „eng eemoleg oder reegelméisseg erëmkommend Geldleeschtung. Si stellt eng Géigeleeschtung fir e geleeschte Service duer an huet zum Zweck fir d'Gemenge Recetten ze produzéieren. Dës Steuer gëtt jidderengem operluecht, deen ënner d'Konditiounen vum betraffene Gemengereglement fält“.

An aner Wieder: Eng Gemengesteier stellt eng Steuer duer, wann se laangfristeg an nohaltege agefouert gëtt, mam Zweck, déi allgemeng Ausgabe vum Gemengenhaushalt ze decken. Beispill: d'Gewerbesteier, d'Grondsteier, d'Steier op den Zweetwunnsätz, d'Hondssteier.

**Taxen:** Gemengentaxe gi festgeluecht fir eng Déngschtleschtung ze bezuelen; eng Déngschtleschtung, déi fir de Bierger obligatoresch ass (d.h. eng Déngschtleschtung, déi net ka fräi ugeholl ginn). Beispill: d'Ofallentsuergung, d'Drénkwaasserversuergung, d'Ofwaasserentsuergung asw.

**Redevance:** Eng Redevance gëtt als Bezuelung vun enger Déngschtleschtung festgeluecht. Si respektéiert déi noutwennege Proportionalitéit tëschent deem, wat dem Awunner verrechent gëtt, an den tatsächleche Käschte vun der ugebuedener Déngschtleschtung. Redevancë gi just u Leit verrechent, déi des Déngschtleschtungen effektiv genotzt hunn an ënnerscheet sech doduerch vun den Taxen. Hir Leeschtunge gi fräi ugeholl a sinn also fakultativ. Beispill: Locatioun vun de Kulturzentren

# LES IMPÔTS, TAXES ET REDEVANCES COMMUNALES, C'EST QUOI EXACTEMENT?

*Les communes, collectivités territoriales autonomes ayant leur propre personnalité juridique, gèrent leur patrimoine et leurs intérêts propres par l'intermédiaire de représentants locaux, sous le contrôle du pouvoir central.*

*Pour remplir leurs missions, les communes ont besoin de disposer des ressources financières nécessaires pour assumer les dépenses liées à l'exercice de ces missions. Ces ressources financières proviennent:*

- *de la dotation financière de l'Etat ;*
- *des impôts locaux, à savoir l'impôt commercial et l'impôt foncier ;*
- *des taxes et redevances que perçoivent les communes en contrepartie de services rendus et de prestations fournies.*

*Tout particulier, propriétaire ou locataire, habitant une commune du Grand-Duché de Luxembourg, ainsi que toute entreprise légalement établie dans une commune luxembourgeoise sont concernés par les impôts locaux et par les taxes communales.*

*Des personnes résidant en dehors du Grand-Duché peuvent aussi être concernées lorsqu'elles utilisent des services rendus ou des prestations fournies par une commune sur le territoire luxembourgeois, par exemple lorsqu'elles disposent d'une résidence secondaire au Luxembourg et y consomment de l'eau.*

*Les taxes communales à payer ne tiennent en principe pas compte de la situation personnelle (marié ou non, avec ou sans enfants), du statut légal (particulier, commerçant, profession libérale, société commerciale, association) ou des revenus / de la fortune de l'intéressé. Elles représentent en général la rémunération d'un service rendu ou d'une prestation fournie.*

*L'impôt commercial communal (pour les entreprises) et l'impôt foncier (entreprises et particuliers) procurent aux communes des recettes destinées à financer les dépenses que ces dernières ont à supporter (écoles, infrastructures routières, conduites d'eau, canalisations, infrastructures sportives et culturelles, etc.). Les communes fixent chaque année le taux communal applicable*





en matière d'impôt foncier et en matière d'impôt commercial. Les taux des différentes communes (après approbation grand-ducale) sont publiés chaque année au Mémorial B.

**Les types et montants des taxes communales prélevées (par exemple pour la fourniture d'eau potable, l'évacuation des eaux usées ou pour la gestion des déchets) dépendent du coût de ces services ou fournitures et peuvent ainsi varier d'une commune à l'autre.**

Les principales taxes communales sont les suivantes :

- taxes de chancellerie (pour la délivrance de certificats de résidence, d'extraits d'actes de l'état civil, la légalisation de signatures, des autorisations diverses etc.);
- taxes pour la gestion des déchets ;
- taxe pour la fourniture d'eau potable ;
- taxe pour l'évacuation et l'élimination des eaux usées ;
- taxes de raccordement (raccordements aux réseaux d'eau, à la canalisation, etc.);
- taxe d'octroi de concessions aux cimetières ;
- taxe sur les chiens ;
- taxe sur le stationnement (paiement pour le stationnement sur la voie publique) ;
- taxe spécifique sur les immeubles d'habitation inoccupés et certains terrains non-bâties
- taxe sur la résidence secondaire.

Les taxes communales sont payables soit de manière périodique (par trimestre, par semestre ou par an) soit de manière ponctuelle.

## IL Y A TROIS GRANDS DOMAINES À DISTINGUER :

**Impôts :** *L'impôt communal a été défini comme « une prestation en argent unique ou périodique, qui ne constitue pas la contrepartie d'une prestation déterminée et qui dans un but d'obtenir des recettes, est imposée par la commune à tous ceux qui sont soumis aux conditions d'application du règlement communal en question ».*

En d'autres termes, un prélèvement communal constitue un impôt proprement dit lorsqu'il est établi de façon permanente et durable et dans le but de faire face aux dépenses générales du budget communal. Exemples : l'impôt commercial communal, l'impôt foncier, la taxe sur les résidences secondaires, la taxe sur les chiens.

**Taxes :** « Au sens le plus large du terme, les taxes peuvent être définies comme les prélèvements perçus en contrepartie d'un service public mis à la disposition par l'administration au redevable. » La taxe communale est donc établie pour rémunérer un service rendu ; service qui est obligatoire pour le citoyen (c'est-à-dire un service qui n'est pas librement accepté) Exemples : la taxe pour la gestion des déchets, la fourniture d'eau potable, l'évacuation des eaux usées, etc.

**Redevances :** La redevance est établie en rémunération d'un service rendu. Elle respecte la proportionnalité nécessaire entre le montant du prélèvement et le coût réel du service rendu. Elle est due par les usagers effectifs du service offert et elle se distingue donc des taxes par le fait que la prestation est librement acceptée, partant facultative. Exemple : location des centres culturels.

# KRËSTMOART



Léif Bierger a Biergerinnen,

No deem groussen Erfolleg vum leschte Joer fënnt de Krëstmoart dëst Joer op en Neits statt – de Freiden, 29. November a Samschden 30. November 2024, am Schoulhaff zu Dol.

An Zesummenaarbecht mat de lokale Veräiner fannen 11 Chalet Plaz, wou Iessen, Gedrénks an e puer hand-gemaachte Chrëschtdekoratiounen ze fanne sinn.

Och de Campus ass erëm vertrueden an d’Kanner hu fläisseg gebastelt fir Dekoratioune kënnen ze verkafen.

D’Kanner aus der Maison Relais hu vill geübt a sech Méi gi fir Iech e flotten Optrëtt kennen ze presentéieren.

Fir déi musikalesch Ënnerstëtzung um Owend suergt de Michel Reding an d’Géisdrefer Strëpp.

Nei dobäi ass dëst Joer en Hobbymaart, organiséiert an Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun; bei lokalen a regionalen Aussteller entdeckt Dir bestëmmt déi richteg Geschenkkiddi.

E ganz besonneschen Highlight gëtt de Besuch vum Kleeschen um Samschden, 30. November, wou all Kand aus der Gemeng sech seng Titche ka siche kommen. E flotte Moment fir déi ganz Famill.

Kommt bis laanscht a loosst Iech vun der festlecher Stëmmung verzaubern.

Mir freeën eis op äre Besuch.

**Voller Freed kënnen mir Iech matdeelen, dass mir fir de Krëstmoart de Logo “Green-Event” kritt hunn!**

D’Efforten vun de Veräiner, der Kulturkommissioun an der Gemeng hu sech besonnesch op follgend Krit-tären konzentréiert:

- Mir verzichten bewosst op Eeweegeschier a re-duzéieren de Gebrauch vu Plastik op e strikte Mi-nimum. Fir all Iesssaache gouf Mehrweggeschirr (Besteck, Telleren, Schosselen) agefouert a fir d’Ge-drénks Mehrweg-Becheren, -Glieser an -Tasen
- E ganz groussen Deel vum Iessen a Gedrénks, wat ugebuede gëtt, ass lokal, regional, bio oder Fairtrade
- Schëlde a Markéierung fir d’Offalltrennung
- Dekoratiounsmaterial wat ressourcëschronend an erëm benotzbar ass
- LED Luuchten amplatz vu konventionelle Luuchten

Vergiesst och Är Akafstut net, wann Dir e flotte Kad-do sollt entdecken.

## ACCÈS

Bus RGTR Linn 146,  
Arrêt “Ale Wee” oder “Al Molkerei”  
[www.mobiliteit.lu](http://www.mobiliteit.lu)

Wéinst dem Manktem u Parkplaze recommandéiere mir och de Covoiturage.

Mir soën alle Veräiner Merci fir hiert Engagement, an dem Oekozerter Pafendall villmols Merci, datt Si eis bei der Organisatioun ënnerstëtzt hunn.

Weider Informatiounen zum Logo Green Events fannt Dir op [www.greenevents.lu](http://www.greenevents.lu)

# MARCHÉ DE NOËL



*Chers citoyens, chères citoyennes,*

*Après le grand succès du premier marché de Noël, celui-ci sera à nouveau organisé, les 29 et 30 novembre 2024, dans la cour de l'école de Dahl.*

*En collaboration avec les associations locales, 11 chalets accueilleront de la restauration, des boissons et quelques décorations artisanales.*

*Le campus sera également à nouveau présent et les enfants ont travaillé avec ardeur à leur bricolage.*

*Les enfants de la Maison Relais ont mis la main à la pâte et vous proposeront un spectacle endiablé.*

*Cette année, Michel Reding ainsi que les Géisdrefer Strëpp assureront le soutien musical de la soirée.*

*Une nouveauté : un marché des loisirs créatifs, organisé en collaboration avec la commission culturelle ; parmi des exposants locaux et régionaux, vous trouverez certainement le cadeau de Noël qui vous convient.*

*La visite de Saint-Nicolas le samedi 30 novembre, où chaque enfant de la commune pourra venir chercher son sachet, sera une fois de plus un moment magique pour toute la famille.*

*Venez nous rendre visite et laissez-vous envoûter par l'ambiance festive.*

*Nous nous réjouissons de votre visite.*

## **Nous sommes très heureux d'avoir été approuvés pour le logo "Green Event" pour le marché de Noël !**

*Les efforts des associations, de la commission culturelle et de la commune se sont particulièrement concentrés sur les critères suivants :*

- nous renonçons volontairement à la vaisselle jetable et réduisons l'utilisation du plastique à un strict minimum. Nous avons introduit de la vaisselle réutilisable (couverts, assiettes, bols) pour tous les repas et des gobelets, des verres et des tasses réutilisables pour les boissons.
- une grande partie de la nourriture et des boissons proposées sont locales, régionales, bio ou issues du commerce équitable.
- panneaux et marquages pour le tri des déchets.
- matériel de décoration préservant les ressources et pouvant être réutilisé.
- des lumières LED au lieu des lumières traditionnelles.

*N'oubliez pas votre sac de shopping pour transporter les cadeaux que vous avez achetés.*

### **ACCÈS**


Bus RGTR Linn 146,  
Arrêt "Ale Wee" oder "Al Molkerei"  
[www.mobiliteit.lu](http://www.mobiliteit.lu)

*En raison des places de parking limitées, nous recommandons le covoiturage.*

*Nous remercions toutes les associations pour leur engagement ainsi que l'Oekozerter Pafendall pour leur soutien dans l'organisation.*

*Vous trouverez de plus amples informations sur le Logo Green Event sur [www.greenevents.lu](http://www.greenevents.lu)*

# PLANG VUM KRËSTMOART PLAN DU MARCHÉ DE NOËL



## STÄNN STANDS

1. **Campus Op der Heckt** - Bastelsachen, Krëschtdeko
2. **Sängerfrënn Caecilia** - Chili con carne, Crémant
3. **Spuerverain beim Josette** - Wirschtercher mat Sauermous, Mettwurschten, Punsch, Quentão Traditional
4. **Theaterclub Hexemeeschter** - Béier, Chrëschtbéier, Softdrinks, Glühjus
5. **Jeunesse Nacher** - Kniddelen mat verschidden Zoossen
6. **Fraen a Mammen** - Paangecher a Kichelcher
7. **DT Nacher** - Raclette mat Gromperen
8. **Theaterfrënn Géisdref** - Thailännescht lessen a Gedréns
9. **Jeunesse Dol** - Glühwain, Glühgin, Schocki a Schocki mat Schuss
10. **Club Uewersauer** - Wanterdekoratiounen, Likör, Gebäck
11. **Elterevereinigung** - Flammkuchen an 3 Varianten



# PROGRAMM PROGRAMME

## 29. November 2024

**18h00:**

Ouverture Krëstmoart

**18h30:**

Begréissung vum Buergermeeschter

**19h00:**

Liesung vun enger Nikloosgeschichte (am Zelt)

**19h30 – 21h00:**

Optrëtt vum Misch Reding

**22h00:**

Fermeture Krëstmoart

## 30. November 2024

**15h00:**

Ouverture Krëstmoart

**15h00 – 17h00:**

Kanneranimatioun (Magic Luciano) (am Zelt)

**15h30:**

Optrëtt vun de Kanner

**17h00:**

Kleeschen

**19h00:**

Optrëtt Géisdrefer Strëpp

**22h00:**

Fermeture Krëstmoart



# NEUE FINANZIELLE HILFEN FÜR DIE ENERGIEEFFIZIENZ VON HAUSHALTEN

## DE NOUVELLES AIDES FINANCIÈRES POUR L'EFFICACITÉ ÉNERGÉTIQUE DES MÉNAGES

Am 1. Oktober sind die neuen Kommunalen Beihilfen für die Umsetzung von Energieeffizienzmaßnahmen in Kraft getreten. Diese 2020 in Goesdorf erstmals eingeführten Finanzhilfen stehen allen Haushalten in der Gemeinde Goesdorf sowie in den anderen 5 Gemeinden des Naturparks Obersauer zur Verfügung. Sie kommen zu den staatlichen Finanzhilfen hinzu und ermöglichen es den Einwohnern, eine zusätzliche Hilfe zu erhalten.

Neben den bereits bestehenden Prämien, wie die für energetische Renovierungen von Häusern - die nach oben korrigiert wurden - enthält die neue Version auch Neuerungen wie :

- Beihilfen für die Installation von **Wärmepumpen**.
- Eine Hilfe für die Installation **intelligenter Thermostate**.
- Eine Beihilfe für den **Austausch von Haushaltsgroßgeräten** durch ein Modell mit höherer Energieeffizienz.
- Eine Beihilfe für die **Begrünung von Fassaden und Dächern**.
- Eine Beihilfe für die **Entsiegelung von betonierten Flächen**.

Für weitere Informationen wenden Sie sich bitte an den Naturpark Obersauer, der Ihnen Auskunft über die Bedingungen für den Erhalt dieser Fördermittel geben kann und Ihnen Ratschläge erteilt, wie Sie Ihr Dach oder Ihre Fassade am besten begrünen können.

Das Antragsformular ist bei der Gemeinde oder auf der Website erhältlich.

*Le 1<sup>er</sup> octobre sont entrées en vigueur les nouvelles primes communales pour la réalisation de mesures d'efficacité énergétique. Lancées pour la première fois en 2020 dans la commune de Goesdorf, ces aides financières sont disponibles pour tous les ménages de la commune de Goesdorf ainsi que des 5 autres communes du Parc Naturel de la Haute Sûre. Elles se rajoutent aux aides financières étatiques et permettent aux résidents de recevoir une aide additionnelle par rapport à celles déjà percevables via le guichet public.*

*En plus des primes déjà existantes, comme celles pour la rénovation et pour l'isolation thermique des ménages - qui ont été revues à la hausse - cette nouvelle version présente des nouveautés comme :*

- Une aide pour l'installation d'une **pompe à chaleur**.
- Une aide pour l'installation de **thermostats intelligents**.
- Une aide pour le **remplacement d'électroménagers** par un modèle à plus haute efficacité énergétique.
- Une aide pour la **végétalisation des façades et des toits**.
- Une aide pour le **déscellement des surfaces bétonnées**.

*Pour plus d'informations, n'hésitez pas à contacter le Parc Naturel de la Haute Sûre qui pourra vous donner des renseignements sur les conditions d'obtentions de ces aides, ainsi que des conseils sur comment végétaliser au mieux votre toit ou façade.*

*Le formulaire de demande est disponible auprès de la commune ou sur le site internet.*

Text: Naturpark Öewersauer



## AIDES COMMUNALES

A RÉNOVATION ÉNERGÉTIQUE ET ÉCONOMIES D'ÉNERGIE ET DE RESSOURCES NATURELLES		MONTANT ACCORDÉ
1	Isolation des murs d'une habitation (par extérieur ou intérieur)	10 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 1.000 €
2	Isolation de la toiture ou dalle supérieure contre zone non chauffée	10 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 600 €
3	Isolation des murs contre sol ou zone non chauffée	10 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 600 €
4	Isolation de la dalle inférieure contre zone non chauffée ou sol	10 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 600 €
5	Remplacement des fenêtres et des portes-fenêtres	10 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 600 €
6	Installation d'une infrastructure pour la collecte d'eau de pluie	500 €
B ENERGIES RENOUVELABLES		
1	Installation solaire photovoltaïque	25 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 1.250 €
2	Installation solaire thermique	25 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 1.250 €
3	Installation de pompes à chaleur (géothermique, air-eau, eau-eau)	15 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 1.200 €
4	Installation d'un chauffage central à granulés de bois (Pellets), à plaquettes de bois (Hackschnitzel) ou à bûches (Scheitholz)	10 % de la subvention accordée par l'Etat avec un maximum de 300 €
5	Installation de pompes à chaleur air-air (Klima-Split-Anlage)	15 % du prix d'achat avec un maximum de 600 €
6	Thermostats intelligents (utilisables pour l'équilibrage hydraulique)	15 % du prix d'achat avec un maximum de 150 €
7	Achat d'une centrale électrique photovoltaïque de balcon (Puissance inférieure ou égal à 800 W)	100 € sans dépasser 50 % du prix d'achat
C APPAREILS ÉLECTROMÉNAGERS		
1	Réparation d'appareils électriques/électroniques par une entreprise agréée	50 % de la facture avec un maximum de 200 € par année et par ménage
2	Échange d'un appareil électroménager contre un appareil électroménager ayant la meilleure classe d'efficacité énergétique (Lave-vaisselle, machine à laver, réfrigérateur, congélateur)	10 % de la facture avec un maximum de 100 € par 10 ans et par ménage
D MOBILITÉ DOUCE		
1	Achat d'un vélo sans assistance électronique ou d'un cycle à pédalage assisté (Pédélec/max. 0,25 kW et 25 km/h)	10 % du prix d'achat avec max. 200 € pour 5 années
E RÉDUCTION DES DÉCHETS		
1	Achat de couches lavables	50 % du prix d'achat Max. 100 € par année/personne
F ADAPTATION AU CHANGEMENT CLIMATIQUE/RÉTENTION D'EAU PLUVIAL		
Végétalisation de façades:		
1	> Décapage du revêtement, remplacement de la terre, plantation (max. 50 €/m <sup>2</sup> )	Somme max. 800 €
	> Treillis (max. 5 €/m <sup>2</sup> )	
	> Plante grimpante (max. 5 €/plante)	
	> Arbre en espalier (max. 25 €/plante)	
2	Végétalisation extensive de toitures	Max. 30 €/m <sup>2</sup> , somme max. 800 €
3	Conversion d'une surface scellée en surface végétalisée	Max. 30 €/m <sup>2</sup> , somme max. 800 €


VOUS TROUVEREZ LES INFORMATIONS SUR LES SUBVENTIONS DE L'ÉTAT  
DANS LE DOMAINE DU LOGEMENT SUR : [WWW.KLIMA-AGENCE.LU](http://WWW.KLIMA-AGENCE.LU)

# KLIMAPAKT ZERTIFIZIERUNG

## Die Gemeinde Goesdorf wurde im Rahmen des Klimapakts für ihre Energie- und Klimapolitik zertifiziert.

Unsere Gemeinde hat sehr viel Engagement gezeigt, um das Audit erfolgreich zu bestehen, und wir haben mit 71,2 % eine Zertifizierung der Kategorie 3 im Klimapaktprogramm erhalten. Wir sind sehr stolz darauf, dieses Ergebnis erreicht zu haben.

Die Leistung im Bereich „Kommunale Gebäude“, in dem wir 86 % der Punkte des Maßnahmenkatalogs erreichten, ist sehr positiv. Das zeigt, dass unser Engagement im Klimapakt Früchte trägt.



## Kommunale Strategie zur Förderung der erneuerbaren Energien

Seit Jahren führt unsere Gemeinde präzise Maßnahmen durch, um durch gezieltes Monitoring Energie zu sparen. In diesem Rahmen wurde eine Verbindung zwischen dem Reservierungssystem für Versammlungsräume und der Heizung hergestellt. Der Raum wird automatisch beheizt, wenn eine Versammlung stattfindet. In der übrigen Zeit ist die Heizung auf Minimalstufe eingestellt. Außerdem haben wir auf dem Schulcampus eine Holzschneitzelheizung installiert.

Im Rahmen der Abfallentsorgung beteiligt sich unsere Gemeinde an vielen Projekten, die vom Naturpark Öwersauer initiiert werden. Im Jahr 2022 wurden in Zusammenarbeit mit dem SIDEC zusätzliche Mülltonnen eingeführt, was das Recycling in unserer Gemeinde deutlich verbessert hat.

Mithilfe des Katalogs der 64 Maßnahmen des Klimapakts (<https://www.pacteclimat.lu/de/engagierter-akteur/umsetzungshilfe>) konnten wir uns effektiv auf eine nachhaltige Politik in den Bereichen Energie, Klimaschutz und Mobilität ausrichten.

Indem wir uns also dazu verpflichten, diesen Maßnahmenkatalog, der auf Basis des European Energy Award (eea) erstellt wurde, umzusetzen, finanziert der Staat im Gegenzug die Kosten für unseren Klimaberater und unterstützt uns mit einer Förderung entsprechend unseres Zertifizierungsgrads.

Die Aufgabe von Klima-Agence ist die Verwaltung des Klimapakts im Auftrag des Ministeriums für Umwelt, Klima und nachhaltige Entwicklung. Klima-Agence kümmert sich einerseits um die operationelle Umsetzung des Klimapakts und bietet uns andererseits fachliche und methodische Unterstützung bei der Umsetzung der Maßnahmen des Klimapakts an. Darüber hinaus kümmert sich Klima-Agence um die kontinuierliche Weiterentwicklung und die Kommunikation des Klimapakts.

Text: Klima Agence


**Klimaschutz geht uns alle an. Wenn auch Sie sich für das Klima einsetzen wollen, laden wir Sie ein, sich über den Klimapakt zu informieren ([www.pacteclimat.lu](http://www.pacteclimat.lu)).**

# CERTIFICATION PACTE CLIMA

## La commune de Goesdorf certifiée dans le cadre du Pacte Climat pour sa politique climatique et énergétique

Notre commune a fait preuve d'un très grand engagement pour réussir son audit qui a confirmé, avec un résultat de 71,2 % des points du catalogue de mesures, une certification de catégorie 3 dans le programme du Pacte Climat. Nous sommes très fiers d'avoir atteint ce résultat.

Notre performance en matière de « bâtiments communaux », domaine pour lequel nous avons obtenu 86 % des points du catalogue des mesures, est très positive. Cela montre que notre engagement dans le Pacte Climat porte ses fruits.



## Stratégie communale en faveur des énergies renouvelables

Depuis des années, notre commune met en place des actions précises afin d'économiser de l'énergie grâce à un monitoring ciblé. Dans ce cadre, un lien a été créé entre le système de réservation des salles de réunion et le chauffage. La salle sera chauffée automatiquement quand une réunion aura lieu. Pour le reste du temps, le chauffage est réglé sur le minimum. Nous avons également installé une chaudière à plaquettes de bois sur le campus scolaire.

# 71,2%

En ce qui concerne la gestion des ressources, notre commune participe à beaucoup de projets lancés par le Parc naturel de la Haute-Sûre. En 2022, des poubelles supplémentaires ont été installées en collaboration avec le SIDEK, ce qui a amélioré le recyclage dans notre commune.

Grâce au catalogue des 64 mesures du Pacte Climat (<https://www.pacteclimat.lu/fr/acteur-engage/les-mesures>), nous avons pu nous orienter efficacement vers une politique durable dans les domaines de l'énergie et du changement climatique.

Ainsi, en nous engageant à mettre en œuvre ce catalogue des mesures initié par l'« European Energy Award (eea) », l'État finance en contrepartie les coûts de notre conseiller climat et nous soutient grâce à une aide financière qui varie selon le degré de notre certification.

La mission de Klima-Agence est de gérer le Pacte Climat pour le compte du ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable. Klima-Agence s'occupe d'une part de la gestion du programme et nous offre d'autre part un soutien technique et méthodologique pour la mise en œuvre des mesures. En outre, Klima-Agence s'occupe du développement continu et de la communication du Pacte Climat.

Texte : Klima Agence

**La protection du climat est l'affaire de tous. Si vous aussi, vous souhaitez vous engager pour le climat, nous vous invitons à vous informer sur le Pacte Climat. ([www.pacteclimat.lu](http://www.pacteclimat.lu)).**



Sachar Berscheid

Dëst Joer huet d'Equipe vun der Motocross Kommissioun vun der Motor Union Luxembourg (MUL), ënnert der Leedung vun der Madamm Noemi Gaul, Presidentin, haart geschafft fir d'Ouverture vum Circuit perfekt virzebereeden. Eist Noemi konnt op déi wäertvoll Hëllef vum Här Sachar Berscheid, e fréiere Crosser deen Haut Patron vu Jabepka ass, eng Terrasement Firma, zielen. Den Här Berscheid huet sech vill Méi ginn de Circuit fir des Saison virzebereeden a gläichzäiteg och d'Waasser am Fall vun intensivem Reen opzefänken an ze leeden. Dank him si Schied a Buedemerosioun während dem heftege Reen am Summer minimal bliwwen.

Perfekt virbereet, huet den Erfolleg net laang op sech waarde gelooss. Iwwerrascht ware mir de Maxime Renaux zu Boukels ze empfanke. De Maxime wor MX2 Weltmeeschter 2021, a Gewënner mat Frankräich vum Motocross des Nations, déi prestigieüst Motocross Course iwwerhaapt. Hee war voller Luef: 'Dëse Site ass

wierklech schéin!' an hien huet direkt seng Kollegen informéiert a sou koumen op den nächsten Trainingen och de Benoit Paturell an de Calvin Vlaanderen, béid deck Kaliber vun der Motocross-Weltmeeschterschaft. Den agefleeschte Crosser ass awer net deen eenzege deen op Boukels trainéiere kënnt. D'Douane an de CGDIS si bei eis och oft unzutreffen. Si si frou hei Erfahrung sammelen ze kennen. Heiansdo benutzen se och hir Maxi-Enduroen, d'Motoen déi si an hiren aldeeglechen Asätz fueren. Eise Centre National erlaabt hinnen dat ze trainéiere wat si dobaussen op der Strooss net léiere kënnen. De Circuit ass vir Si eng sécher Plaz fir hier Maschinn besser kennen ze léieren a gëtt hinnen d'Méiglechkeet sech lues a lues un hir Grenzen ze taaschten. Et ass kee Geheimnis: de Motocross duerch d'Geschwindegkeet, d'Rutschen an d'Intensitéit erméiglecht jidder Biker e bessere Motorradfuerer ze ginn. Fir d' Douane an de CGDIS sinn dës Formatiounen essentiel, well Motorrad fueren en Deel vun hirer Aarbecht ass.

Fir de "Grand Public" waren déi zwee éischt Weekender am Oktober de Rendez-vous, deen net ze ver-



Fir d' Zukunft huet d' MUL, d'Federatioun, sech ee Schallmiessgerät zougeluecht. D'Kontrolle wäerte systematesch ginn, well och wa Kaméidi zum Motorsport gehéiert sou soll dësen awer a Grenze gehal ginn.

D' Federatioun seet der Gemeng Géisdref, dem Här Burgermeeschter Jean-Paul Mathay a senger Equipe, de lokale Baueren, souwéi all deenen, déi duerch hir Hëllef dës intensiiv a spektakulär Sportaart erméiglechen, en decke Merci.

(Text+Foto: N. Cumini)



passen war. Sie konnten op den zwee Leef vun der nationaler Meeschterschaft hier Favoritten ënnerstëtzen. Bédid Leef goufe vum MSCE mat Hëllef vum MCKB vu Koplescht, der Gemeng Géisdref an enger grousser Unzuel vu Fräiwëllegen déi sech ronderëm de Joé Stark versammelt hunn, organiséiert. Eise Joe war dëst Joer sécherlech méi oft zu Boukels ze fanne wéi bei him doheim. De Circuit hu si pünktlech virbereet an de Pascal Portha, Präsident vum MSCE, war houfreg de Weekend vum 6. a vum 12. a 13. Oktober am ganzen 348 Piloten empfangen ze hunn déi un de Leef vun MUL, DAMCV an SWC Championnater deel geholl hunn.

## MOTOCROSS BOCKHOLTZ

*Cette année l'équipe de la commission de motocross de la Motor Union Luxembourg (MUL) autour de Mme Noemi Gaul, présidente, n'a pas chômé pour préparer parfaitement l'ouverture du circuit. Pour ce faire elle a pu compter sur l'aide précieuse de M. Sachar Berscheid, un ancien crossman et propriétaire de la société de terrassement Jabepka. M. Berscheid a fait un gros travail pour refaire le circuit et en même temps voire comment endiguer l'eau en cas de pluies intenses. Grâce à lui les dégâts et l'érosion du sol lors des*

*violentes tempêtes de cet été n'ont été que minimaux.*

*Préparé ainsi, le succès ne s'est pas fait attendre et la surprise fût grande de voir venir M. Maxime Renaux, champion du monde MX2 en 2021, et vainqueur avec la France du Motocross des Nations, la course la plus prestigieuse en motocross. Maxime n'a pas tardé d'éloges : 'Ce site est magnifique, vraiment splendide !' et il en a aussitôt informé ses compères. Ainsi ont suivi Benoit Paturell et Calvin*

*Vlaanderen deux autres grosses pointures des championnats du monde de motocross qui ont aimé venir s'entraîner chez nous.*

*Mais le crossman chevronné n'est pas le seul à venir à Bockholtz. La douane et le CGDIS apprécient le circuit et sont heureux de pouvoir venir y peaufiner leur technique de pilotage. Parfois ils y utilisent aussi leur moto de service de type maxi-enduro. Le centre national leur permet d'apprendre à les conduire en tout terrain, dans un endroit sécu-*

risé, afin de mieux apprendre à les maîtriser et ainsi repousser petit à petit leur limite. Ce n'est pas un secret, c'est bien en motocross où, grâce à la vitesse, la glisse et l'intensité, on apprend à mieux conduire une moto. Pour la douane et le CGDIS, ces entraînements sont essentiels car conduire une moto fait partie de leur métier.

Début octobre les deux compétitions inscrites au calendrier du champion-

nat national ont permises aux nombreux spectateurs de venir soutenir leurs favoris. Ces deux compétitions ont été organisées par l'équipe du MSCE avec l'aide du MCKB de Kopsstal, de la commune de Goesdorf et d'un grand nombre de bénévoles rassemblés autour de Joé Stark qu'on a cette année certainement retrouvés plus souvent à Bockholtz qu'à son domicile. Ainsi c'est avec une grande satisfaction que le président du MSCE,

M. Pascal Portha a pu accueillir 348 pilotes sur les deux Weekends du 6 et du 12-13 octobre où ils se sont disputés les manches comptant pour les championnats de la MUL, du DAM-CV et du SWC.

Pour le futur la MUL, la fédération nationale, vient de s'équiper d'un sonomètre. Les contrôles seront systématiques car même si le bruit reste présent dans tout sport de compétition nous entendons bien mettre un terme aux abus.

La fédération remercie aussi la Commune de Goesdorf, M. le bourgmestre Jean-Paul Mathay et son équipe, les agriculteurs locaux, ainsi que tous ceux qui grâce à leur aide rendent possible ce sport intense, magnifique et spectaculaire.

(Texte+photos : N. Cumini)



# EEN DEELER JONG AN AMERIKA – D'GESCHICHT VUM JOSEPH LEIDER

Tëschent 1800 an 1925 si ronn 50 Millioune Mënschen aus Europa a Richtung Nord-, Mëttel-, a Südamerika ausgewandert. Énnert hinne waren och ongeféier 20.000 Lëtzebuenger. Ee vun hinne war de Joseph Leider. Gebuer 1886 zu Dol, huet hien 1912 dem Éislek de Réck gedréint, fir an de wäite Prairië vun Amerika säi Gléck ze fannen. Niefert dem Joseph Leider senger perséinlecher Geschicht, werfe mir awer och ee Bléck op dat allgemengt Phänomen vun de Lëtzebuenger Auswanderer an Amerika.



D'Famill Leider-Jung zu Union Grove, Wisconsin.

Um Ënn vum 19. Joerhonnert war d'Liewen a groussen Deeler vun Europa ganz schwéier. Net all Länner oder Regiounen konnte vun der industrieller Revolutioun profitéieren. D'Fabricken hunn sech meeschtens no un de groussen Stied niddergelooss, an d'Schmelze just do, wou de Buedem et erlaabt huet. Sou ware vill Leit nach ëmmer op d'Landwirtschaft als Haaptakkommesquell ugewisen. D'Liewen als Bauer war awer alles anescht ewéi einfach.

Et war ee staark ofhängeg vum Klima, a sou konnten d'Recolte vun engem op dat anert Joer komplett abriechen. Och Lëtzebuerg blouf net verschount.

**Am 19. Joerhonnert war eist klengt Land enorm arem. Déi meescht Leit ware Baueren oder Handwierker. Op den Dësch koum Seele méi wéi Gromperen, Brout a Mëllech. Ëm dës Zäit hu ronn een Drëttel vun de Lëtzebuurger d'Decisioun geholl, d'Land ze verloossen.**

D'Zil loung op der anerer Säit vum Atlantik, um amerikanesche Kontinent. Nieft den USA hunn sech och vill Leit a Brasilien oder Argentinien niddergelooss. All dës Länner haten eppes gemeinsam: et war méiglech, vill Terrain fir relativ wéineg Geld ze kafen. Dat hat och de Joseph Leider wëlles.

Iert mir zur Geschicht vum Joseph Leider komme muss awer nach eng Statistik erkläert ginn. Oft liest een d'Zuel vu 70.000 lëtzebuergeschen Auswanderer an Amerika, also ronn 25% vun der deemoleger Populatioun. Dës Zuel gëtt allerdéngs falsch interpretéiert. De Chiffer 70.000 (66.580 fir exakt ze sinn) beleeft sech op de Solde de migration tëscht de Joren 1840 an 1890: an deene Joren hunn also souvill méi Leit de Grand-Duché verlooss, wéi dass der bäikommt sinn. Ausserdeem beinhaltet dës Chiffer net nëmme Lëtzebuurger, mee och Leit vun aneren Nationalitéiten. Deemools goufen d'Nationalitéiten nach net an de Statistike mat opgeholl. En plus sinn déi lëtzebuergesch Emigranten net all a Richtung Nordamerika ausgewandert. D'Majoritéit huet sech am Frankräich niddergelooss. Oft zu Paräis, fir do zesumme mat de Belsch oder den Italiener an Cons-


tructions-Secteur ze schaffen. Och de Pourcentage vu 25% ass an dem Zesammenhang also falsch, well hei ee Solde, den iwwert 50 Joer gerechent gouf, duerch just ee Joer gedeelt gëtt. Esou gëtt beispillsweis fir d'Joer 1888 geschat, dass just 0,5% vun der lëtzebuurger Populatioun a Richtung Amerika ausgewandert ass.

Zréck bei eisen Deeler Jong. De Joseph Leider ass den 11. November 1886 zu Dol am „Thidorshaus“ (haut ongeféier 27, Duerfstrooss) als eelste vu 6 Kanner op d'Welt komm. Säi Papp, de Michel Leider (1857-1921), war gebierteg vun Toodler. D'Famill Leider (al Schreifweis Leyder) huet hier Wuerzelen zu Welschent, wou well 1669 de Christophorus Leuderts, dem Joseph säin Ur-ur-ur-ur-urgrousspapp, op d'Welt komm ass. Seng Mamm, d'Anne-Maguerite Leider (née Wallers) staamt aus dem „Schnegdesch-Haus“ (haut do, wou d'Spillschoul steet) zu Dol. Kuerz no der Gebuert vum Joseph Leider hunn seng Elteren d'Haus „beim Steff“ kaf, wat ab dunn hiert war. D'Haus war duerno als „a Gaejes“ (haut: 6, Deelerbaach) bekannt a gouf vum Joseph senger Schwëster, dem Marguerite Leider (1888-1975) an hirem Mann, dem Nicolas Welter, bewunnt.

Engem Artikel aus dem Joer 1971 no hunn net manner wéi 20 jonk Männer aus der Por Dol sech em d'Joerhonnertwenn an Amerika niddergelooss. Och aus den Noopeschdierfen hun d'Leit de schwéiere Wee iwwert den Atlantik a Kaf geholl. De Jean-Pierre Leider, Brudder vum Jos Leider sengem Papp (gebuer 1870 zu Toodler, gestuerwen 1931 zu Evanston, Illinois) a seng Schwëster, d'Marie Leider (gebuer 1866 zu Toodler, gestuerwen 1952 zu Los Angeles, Kalifornien) si well fréi a Richtung Illinois, an de sougenannte Mëttlere Weste vun den USA, ausgewandert. De Michel Leider, dem Jos säi Brudder, koum em 1911 no. Schliisslech huet och de Joseph Leider 1912 säi Schicksal an déi eegen Hand geholl, an sech dozou entscheet, dat verschloft Dol ze verloossen. Säin 11 Joer méi jonke Brudder, de François, sollt schliisslech och nach no kommen. Sou hunn sech dräi Deeler Jongen op déi gréisst Aventure vun hirem Liewen agelooss.

Wéi déi meescht Europäer, déi an Amerika ausgewandert sinn, sou huet och de Joseph Leider den Ozean per Schëff iwverquert. U Bord vun der RMS Mauretania





RMS Mauretania am Joer 1907 (© Tyne & Wear Archives & Museums)

goung d'Rees vu (warscheinlech) Liverpool op New York. Schonn den Trajet bis an dat englescht Liverpool muss voller Strapaze gewiescht sinn. Warscheinlech ass et vun Dol entweder op Antwerpen, oder op Le Havre gaangen, a vun do mam Schëff op Liverpool. Eng

éischter onüblich Route, well déi meescht Auswanderer direkt vu Le Havre oder Antwerpen op New York gefuer sinn. Dëst awer ënner deels grausame Bedingungen. Hei Ausschnëtter aus engem Temoignage vun engem 12 Joer alem Kand:

**„Wir waren auf engstem Raum im Zwischendeck zusammengepfercht. Es kam deshalb oft zu Streit unter den Passagieren zwischen den verschiedenen Nationalitäten. Das Essen war nicht besonders gut und oft mangelte es an Trinkwasser. Am schönsten war es auf Deck, wenn gutes Wetter war und ich dort mit anderen Kindern spielen konnte. Das Schlimmste war ein lang anhaltender Sturm, da waren fast alle Passagiere krank. Überall war es schmutzig und ich hatte entsetzliche Angst. Man erzählte auch schreckliche Geschichten über Schiffe, die untergingen.“**

Dem Joseph Leider säin Ëmwee iwwert Liverpool huet mat sech bruecht, dass hien u Bord vun der RMS Mauretania d'Rees untriede konnt. Dësen Dampfer (Baujoer 1906) war zur der Zäit ee vun de séiersten Ozeanriesen op der Welt. 1909 huet si souguer de Rekord fir déi séierst Atlantikiwwerquerung opgestallt: 4 Deeg, 10 Stonnen an 51 Minutten.

Ee Rekord den iwwert 20 Joer sollt halen. De Luxus konnt hien sech warscheinlech doduerch leeschten, dass hie well Famill an Amerika hat, déi eventuell hiren Deel bei d'Rees bäigeluecht hunn. Och waren d'Konditiounen op deenen neien Ozeandampfer net esou grausam wéi dat nach puer Joer virdrun de Fall war.

Zu New York ukomm sinn awer just déi wéinegst an der Metropol um Hudson River bliwwen. Déi meescht huet et an de Mëttlere Weste gezunn: Ohio, Michigan, Wisconsin, Illinois, Iowa a Minnesota. D'Ëmgéigend ronderëm déi grouss Séien (Great Lakes) gouf well fréi vun däitschen a belschen Auswanderer besidelt. D'Iren an d'Englänner si par contre un der Ostküst bliwwen. Fir d'Lëtzebuurger war de Choix also kloer: no un den däitschen oder belsche Communautéit war et am einfachsten, sech ze integréieren. D'Sprooch an och oft d'Relioun waren hei vu grousser Hëllef.

An Amerika ukomm hunn sech d'Awanderer eng zweet Heemecht opgebaut, mat allem wat dozou gehéiert. Sou gouf zum Beispill tëschent 1871 an 1918 d'Wochenzeitung Luxemburger Gazette an däitscher Sprooch publizéiert. Dës Zeitung, publizéiert zu Dubuque (Iowa) vun der Deutsch-Katholischen Druck Gesellschaft, huet d'Lëtzebuurger net nëmmen iwwer alles informéiert, wat an den USA geschitt ass, mee och wat an hirer aler Heemecht lass war. Mee d'Lëtzebuurger haten net ëmmer de Mëttlere Westen als Zil.

No den napoleonesche Kricher (1803-1815) gong duerch ganz Europa eng gewëss „Auswanderungslust“. Sou war och fir déi räich Lëtzebuurger d'Zil oft Südamerika. Schlussendlech waren et déi Auswanderer, déi et net a Richtung Brasilien oder Argentinien gepackt hunn, déi als éischt d'Schëff a Richtung Nordamerika, zum Beispill Baltimore oder New Orleans, geholl hunn. Ënnert den éischte Lëtzebuurger koume vill Leit vun der aktueller belsch-lëtzebuergescher Grenz (bis 1839 huet Arel a seng Ëmgéigend nach zu Lëtzebuerg gehéiert), vun Arel, Miezeg (Messancy), Sélange, Offen/Fouches oder Guirsch/Girsch.

Vun New Orleans ass et dunn de Mississippi erop a Richtung Ohio gaangen. D'Bréiwer, déi dës éischt Generatioun vun Auswanderer zréck an hier Heemecht geschéckt hunn, hunn och hier Hannerbliwwen dozou motivéiert, auszewandern. Och war et net onüblech, eng kleng Delegatioun vu Männer op „Kundschaft“ ze schécken. Sie sollten iwwerpräiwen, op dat, wat an de Bréiwer beschriwwen gouf, och wierklech stëmme géing. Vun der neier Province de Luxembourg ass d'Auswanderungswell an de Präizerdaul iwwergeschnappt. Aus

dem Kanton Réiden a Kapellen gong et a Richtung Illinois, Wisconsin an Iowa.

**„Die Prazerthaler ließen sich 1845 auf der Ridge, einer am Michigansee nördlich von Chicago hinziehenden Bodenerhöhung, nieder.“**

- *Die Luxemburger in der neuen Welt*, p. 122.

An der Mëtt vum 19. Joerhonnert huet d'Auswanderungswell schliesslech een neie Zenit erreicht. Am Dikrecher Volksfreund konnt een den 28. Januar 1849 Folgendes liesen:

**„Von allen Zeiten und durch alle Blätter erhalten wir Nachrichten über die diesjährigen Auswanderungen, die auf das Unglaubliche gestiegen sind. Noch vor 3 Jahren waren es fast nur Leute aus der Arbeiterklasse und Landleute, die auswanderten. Heute aber hat das Ganze eine andere Farbe angenommen, und wo früher nur fleißige Hände hinwanderten, ziehen jetzt auch die stolzen Kapitalien hin. Betrachten wir nur oberflächlich die Begebenheiten des verflossenen Jahres mit ihren Folgen, und die Aussichten in die trübe Zukunft, dann wird sich niemand mehr wundern, dass Reich und Arm lieber in den Strahlen der freien amerikanischen Sonne sich bewegt, als unter dem karessierenden Kantschu (Riemenpeitsche) „von Gott begnadeter“ europäischer Fürsten.“**

Oft hunn sech puer Famillen zesumme gedoen, bis zu 25 Stéck, fir dass d'Rees net ze deier sollt ginn. Eng Rees mam Schëff huet em 1850 bis zu 200 Frang op de Kapp kascht, ouni Iessen. Kanner hu just d'Hallschent misse bezuelen. No der Onofhängegkeet 1839 an dem Trounwiessel 1890 zur Nassau-Weiburg Dynastie, de facto der éischter lëtzebuurger Dynastie, si schliesslech manner Lëtzebuurger ausgewandert. Lo, wou et ee richtegt Land gouf, mat dem si sech identifizéiere konnten, war de Schratt iwwer den Atlantik net méi den

éischte Choix. D'Zuelen si lues zrécck gaangen, ma ganz verschwonne sinn d'Auswanderer awer net. Sécher ass awer, dass de Joseph Leider zu der leschter Generatioun gehéiert huet, déi Lëtzebuerg verlooss huet.

d'Aldine (\*1922-1993), d'Dorothy Angeline (\*1925-?), d'Lucia (\*1927-?) an de Michael „Mike“ (\*1935-?).

Zu New York ukomm, huet hien sech als éischt nördlech vu Chicago niddergelooss, an huet do an de lëtzebuenger Greenhouses, also an Zären, geschafft. D'Lëtzebuenger goufe vun den Amerikaner och Glasshouse people genannt, also d'Zäre Leit, well sou vill vun hinnen do geschafft hunn. Deemools huet de Joseph Leider och seng Fra, d'Lucie Jung vu Stroossen, kennegeléiert. 1914 hu si sech bestuet. Ganzer 9 Kanner sollten aus dem Mariage rauskommen: d'Catherine (\*1916-?), d'Hildegard (\*1918-2006), Joseph Jr. (\*1920-?), d'Matilda (\*1921-2006), d'Susanna (\*1921-?),

Vun Kenilworth aus, nördlech vu Chicago, huet de Joseph Leider a seng Famill sech als éischt zu Elk Grove Village, just e puer Kilometer westlech, néiergelooss, dunn zu Arlington Heights, fir schlussendlech 1936 an de Wisconsin op Union Grove ze plënnere. Do huet hien eng vun de gréissten Zäre vu Wisconsin kaf. Ufanks goufe virun allem Tomaten, Zalot a Réidercher ugeplant. No an no huet hien sech dunn op Tomaten a Blummen (Löwenmaul) spezialiséiert, déi un grouss Händler vu Milwaukee verkaf goufen. Bis 1953 war säi Besët op ronn 65 Ar ugewuess. Domadder hat hien déi gréissten Zäranlag vu Wisconsin.

DEPARTMENT OF COMMERCE-BUREAU OF THE CENSUS  
FIFTEENTH CENSUS OF THE UNITED STATES: 1930  
POPULATION SCHEDULE

Enumeration District No. 16-2108 Sheet No. 11 B  
Superior's District No. 5  
Enumerated by the April 17, 1930 Robert W. Lindner

PLACE OF BIRTH	RACE	RELATION	MARRIAGE DATE	MARITAL STATUS	SEX	AGE	PLACE OF BIRTH			EDUCATION	CITIZENSHIP AND SERVICE		EMPLOYMENT	REMARKS
							STATE	COUNTRY	OTHER		STATUS	REMARKS		
Illinois	White	Head		Married	Male	42	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Employer		
Illinois	White	Wife		Married	Female	38	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Homemaker		
Illinois	White	Child		Single	Male	14	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Student		
Illinois	White	Child		Single	Female	12	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Student		
Illinois	White	Child		Single	Male	10	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Student		
Illinois	White	Child		Single	Female	8	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Student		
Illinois	White	Child		Single	Male	6	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Student		
Illinois	White	Child		Single	Female	4	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Student		
Illinois	White	Child		Single	Male	2	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Student		
Illinois	White	Child		Single	Female	1	Illinois	Illinois	Illinois	High School	U.S. Citizen	Student		

Ausschnitt aus dem US-Census aus dem Joer 1930. Ab der 17. Zeil vun uewen gëtt d'Famill Leider opgezielt.



De Joseph a seng Schwestern Marguerite, Barbara an Anne-Marie.



De Joseph Leider spaziert mat senger Frau Lucy duerch Dol.



1953: De Joseph Leider (Mann am wäisse Paltong) op Visite zu Dol. (© Revue)

Am selwechte Joer sollt de Joseph an d'Lucy Leider, zur Iwwerraschung vun alleguer, eng Visitt op Dol maachen, dat als Deel vun hirer Europatournée, déi mat enger Audienz beim Poopt am Castell Gandolfo zu Roum, op een Enn goug. Dëse Besuch zu Dol war sou ee grousst Evenement, dass souguer d'Lëtzebuurger Revue een Artikel doriwwer publizéiert huet. „Nach 42 Jahren daheim“ huet et geheescht. Fir de Joseph Leider, den 1905 och zu de Grënner vun den Deeler Pompjeeë gehéiert huet, gouf souguer eng kleng Feier organiséiert.

**„Sensationen sind heute etwas Alltägliches geworden, und man kann sie sogar in den kleinsten, entlegensten Ortschaften erleben. Dahl, ein auf rauen öslinger Höhen gelegenes Dorf, hat ebenfalls vergangene Woche seine Sensation gehabt. Jos. Leider (genannt Joe), ist nach 42jähriger Abwesenheit, zu einem kurzen Besuch im Dorfe erschienen.“**

Mëttlerweil hat de Jos well viles an Amerika erlieft. Am Juni 1917 sollt hien zum Beispill an déi amerikanesch Arméi agezu ginn. Wéi awer op senger Registration Card ze liesen ass, huet hie gefrot, sech kënnen dem Militär-

service ze entzéien, fir seng Fra a säi Kand ze versuergen. An den 1920<sup>er</sup> Joren ass hien och Member bei der Luxemburger Bruderschaft von Amerika ginn, wat weist, dass him de Lien zu senger Heemecht ëmmer wichtig war.

Form 1 2331 REGISTRATION CARD No. 118

1 Name in full Joseph Leider Age, in yrs 30  
(City name) (Family name)

2 Home address 1655 Kenilworth Ave Chicago, Ills  
(No.) (Street) (City)

3 Date of birth November 11 1886  
(Month) (Day) (Year)

4 Are you (1) a natural-born citizen, (2) a naturalized citizen, (3) an alien, (4) or have you declared your intention (specify which)? Declarant

5 Where were you born? Dahl, Luxemburg  
(Town) (State) (Nation)

6 If not a citizen, of what country are you a citizen or subject? Luxemburg

7 What is your present trade, occupation, or office? Farmer

8 By whom employed? Self

9 Where employed? 1655 Kenilworth Ave Chicago, Ills  
Have you a father, mother, wife, child under 12, or sister or brother under 12, solely dependent on you for support (specify which)? Wife and child

10 Married or single (which)? Married Race (specify which)? Caucasian

11 What military service have you had? Rank None; branch \_\_\_\_\_  
years \_\_\_\_\_ Nation or State \_\_\_\_\_

12 Do you claim exemption from draft (specify grounds)? Yes account support wife+child

I affirm that I have verified above answers and that they are true.

Joseph Leider  
(Signature of registrant)

12-2-32-A

REGISTRAR'S REPORT

1 Tall, medium, short (specify which)? Medium Slender, medium, or stout (specify which)? Slender

2 Color of eyes? Dark Brown Color of hair? Brown Bald? No

3 Has person lost arm, leg, hand, foot, or both eyes, or is he otherwise disabled (specify)? No

I certify that my answers are true, that the person registered has read his own answers, that I have witnessed his signature, and that all of his answers of which I have knowledge are true, except as follows:

Sam. J. McLeod  
(Signature of registrar)

Precinct 77 Ward 26

City or County Chicago

State Ill

June 5/17  
(Date of registration)

Folgendes ass op dëser Registration Card ze liesen:

1. Name in Full: Joseph Leider. Age: 30
2. Home address: 1655 Kenilworth, Chicago, Ills.
3. Date of Birth: November 11, 1886
4. Are you (1) a natural-born citizen, (2) a naturalized citizen, (3) an alien, (4) or have you declared your intention (specify which)?: Declarant.
5. Where were you born? Dahl, Luxemburg.
6. If not a citizen, of what country are you a citizen or subject? Luxemburg.
7. What is your present trade, occupation, or office? Farmer.
8. By whom employed? Self.
9. Have you a father, mother, wife, child, under 12, or sister or brother under 12, solely dependent on you for support (specify which)?: Wife and child.
10. Married or single (which)?: Married. Race (specify which)?: Caucasian.
11. What military service have you had? Rank: none.
12. Do you claim exception from draft (specify grounds)?: Yes account support wife+child.

Am Joer 1957 hu sech de Joseph Leider a seng Fra dunn aus dem Familljebetrieb zréckgezunn. Hier Duechter d'Hildegard an de jéngste Fils, de Mike, den och Member vum Gemengerot zu Union Grove souwéi vun de Pompejeeë war, hunn d'Zären dunn iwwerholl. De Joseph a seng Fra hunn sech an hiert Haus an der High Street zu Union Grove zréckgezunn, mee de „Joe“ ass trotzdeem nach all Dag raus bei d'Zäre gefuer. Hie sollt bis zu sengem Dout héich a senger zweeter Heemecht ugesi ginn.

Sou huet de Joseph 1971 der Stad Union Grove 5 Morgen Terrain (ongeféier 125 Ar) geschenkt, déi an ee klénge Park ëmgewandelt sollte ginn. 1964 hunn de Joseph an d'Lucy Leider hier Gëllen Hochzäit gefeiert. 1975 sollt de Joseph Leider dunn am stolzen Alter vun 91 Joer stierwen, dat zwee Joer nom Dout vu senger Fra Lucy. Alle béid leien um Saint Marys Catholic Cemetery zu Kansasville, just puer Kilometer westlech vun Union Grove, begruewen.



D'Graf vum Joseph a Lucy Leider zu Kansasville, Wisconsin. (© findagrave.com)

Och haut ginn et nach Spuere vun de lëtzebuenger Auswanderer: d'Uertschaft Luxemburg am Wisconsin, nëmmen e puer Kilometer ëstlech vu Green Bay. Virun allem am Ozaukee County am Bundesstaat Wisconsin fënnt trefft een op déi lëtzebuenger Vergaangenheet: d'Uertschaften Holy Cross (Helleg Kreuz), Lake Church (Le'iker Kirch), Dacada (Neklôs) an Decker (benannt no enger Famill Decker) goufen all vu Lëtzebuenger gegrennt.

Belgium, eng kleng Stad wou déi gréisste lëtzebuenger Communautéit geliewt huet, ass bekannt fir hiert traditionellt Luxembourg Fest. Do befënnt sech nämlech de Sëtz vun der Luxembourg American Cultural Society Organisatioun. Iwwert eng ganz Woch gëtt déi lëtzebuergesch Kultur an hier Traditione gefeiert, ënnert anerem mat lëtzebuergeschem Béier (engem spezielle Bofferdéng-Export) an engem Träipen-Wettiessen. Zwar handelt et sech hei méi em ee Fall vun



Fir ëmmer verëiwegt: de Joseph Leider Memorial Park, Union Grove, Wisconsin. (© uniongrove.net)



Luxemburg Fest 2019 (© LACS)

Neo-Folklore, an awer gëtt de Lien tëscht dem Grand-Duché an dëser Ëmgegend operhaalen. D'Organisatioun bedreift och ee Musée an ee Centre de recherche. Weider Dierfer mam Numm Luxemburg ginn et am Iowa an am Minnesota.

Och zu Union Grove selwer ass d'lëtzebuerger Iewe bis op Weideres fir ëmmer siichtbar: aus dem Terrain, den de Joseph Leider der Stad geschenkt huet, ass nämlech wierklech ee kleng Park ginn. De Joseph Leider Memorial Park. Nieft zwee Fussballgoler an enger iwweirdaachtener Terrasse gouf 2020 och eng ganz nei Spillplaz am Park opgeriicht. Wuel kaum ee wäert alle rdéngs wëssen, wien de Joseph Leider war, a scho guer net, dass hien aus eisem schéinen Dol staamt.

Interessanterweis gëtt et zu Buffalo Grove am Illinois eng grouss Gärtneri mam Numm Leider Greenhouses. An den 1890er ass ee gewëssen Michel Leider heihinner ausgewandert. Tatsächlech staamt den och vun Toodler – genau wéi dem Joseph säi Papp. Op oder wéi déi zwee Famill sin, ass awer net genau rauszefannen.

2007 hun ongeféier 47 000 Amerikaner uginn, lëtzebuerger Wuerzelen ze hunn. Dovunner sinn alle rdéngs ronn 1 400 am Ausland gebuer, staamen also net vun den Awanderer of. Och ronn 300 Frae, déi nom 2. Weltkrich an Amerika ausgewandert sin, well sie sech während dem Krich an een amerikaneschen Zaldot verléiwt hun, sinn an der Zuel mat abegraff. An de Staaten Illinois, Iowa, Minnesota a Wisconsin komme Leit mat lëtzebuerger Wuerzelen och dräi Mol méi dacks vir, wéi am Recht vum Land. Am Joer 2007 gouf d'Zuel vu Lëtzebuergesch schwätzende Leit an Amerika op 700 geschaat. Dëst sin awer wahrscheinlech Leit, déi réichte rezent agewandert sin, also zu den 1 400 zielen. D'Lëtzebuerger Sprooch ass also verluer gang, obwuel den 2007 produzierten Documentaire Luxembourg, USA, nach puer lëtzebuergesch-sproochech Leit interviewt huet, déi vun Awanderer ofstaame.<sup>1</sup> Mee och dat ass well 14 Joer hier, a mëttlerweil dierft d'Sprooch bei den Nokomme vun lëtzebuergeschen Awanderer komplett verschwonn sin.

Text: Jo Diseviscourt

### Kukt och:

All Ausgab vun der Luxemburger Gazette fannt Dir am Online-Archiv vun der Library of Congress: [https://chroniclingamerica.loc.gov/lccn/sn84027101/issues/first\\_pages/1/](https://chroniclingamerica.loc.gov/lccn/sn84027101/issues/first_pages/1/)

De Site vun der Luxembourg American Cultural Society: [lacs.lu](http://lacs.lu)

### Bibliographie

„Altes aus Dahl – Neues aus Amerika“, Luxemburger Wort, 1971.

FEHLEN Fernand, Luxemburger Auswanderer und ihre Nachfahren in den USA – Eine Sekundärauswertung der American Community Survey, 2010.

GONNER Nicholas, „Die Luxemburger in der Neuen Welt – Band 1“, Editions-Reliures Schrotgen, Esch-sur-Alzette, 1985.

KRIEPS Roger, „Luxembourgers in America – 50th Anniversary Edition“, Luxembourg American Cultural Society, Belgium (Wisconsin), 2013.

„Luxemburger wandern nach Amerika aus“, Was uns Menschen bewegt – Numéro spécial du Courrier de l'Education nationale, 2008.


„Nach 42 Jahren wieder daheim“, Letzebuerger Revue, August-September 1953.

SCUTO Denis, „Histoire des immigrations au Luxembourg (XIXe-XXIe siècles)“, OGBL, 2010.

STATEC, „Statistiques historiques (1839-1989)“, Luxembourg, 1990.

<sup>1</sup> Luxemburger Auswanderer und ihre Nachfahren in den USA – Eine Sekundärauswertung der American Community Survey, Fernand Fehlen, 2010.





De Waassertuerm zu Luxemburg, Wisconsin. (© Rich R, Google Earth)

# PRÄSENTATION: C



Camping du Nord liegt am Rand unserer Gemeinde, wo die Sûre und die Wiltz aufeinandertreffen. Der Campingplatz, der 1967 gegründet wurde, ist seit vielen Jahren bekannt für seine schöne Natur, Wanderwege, Angelmöglichkeiten und vor allem für die Ruhe.

Seit 2018 steht der Campingplatz unter der Leitung der Familie Vermeulen. Seit der Übernahme wurde in die Modernisierung des Campingplatzes investiert.

**Es wurde beschlossen, die Dauerplätze durch neue, zeitgemäße Unterkünfte zu ersetzen. Diese reichen von kleinen Unterkünften für 2 Personen bis hin zu Mobilheimen, die für Familien mit bis zu 6 Personen geeignet sind.**

Dadurch ist auch ein Kurzaufenthalt möglich, was bei den Wanderern des Lee-Trails sehr beliebt ist, aber auch während der Hauptsaison bei Familien mit Kindern.

In Zusammenarbeit mit dem Naturpark Öwersauer wurden die Gärten auf dem Campingplatz mit einheimischen Pflanzen und Blumen ausgestattet, die dem Insektenleben zugutekommen. Darüber hinaus gibt es von Mai bis September einen Thai-Foodtruck, der ein Stück Bangkok an die Sûre bringt.

Da das Unternehmen und seine Gäste sich der wunderschönen Natur und deren Erhaltung bewusst sind,

bemüht man sich, die Umwelt so wenig wie möglich zu belasten. Camping du Nord hat dafür das EcoLabel Silber erhalten. So ist das Sanitärgebäude mit einer Solarthermie-Anlage ausgestattet, die Mobilheime sind mit Solarpanelen versehen, es gibt zwei Ladestationen für Elektroautos, und kürzlich wurde mit Hilfe und Beratung des Oekozeners in Pafendall und der Handelskammer ein Pixii PowerShaper installiert, um den erzeugten Strom zu speichern (siehe auch: <https://projekte.oekozen.lu/documentcenter/ecolabel-konferenz-unterstuetzung-fuer-energetische-und-oekologische-massnahmen/>).

Möchten Sie beim Camping du Nord übernachten? Oder kommen eure Freunde/Familie zu Besuch in unsere Gemeinde? Sie können einfach über unsere Website eine Reservierung vornehmen.

Der Campingplatz ist von April bis Ende Oktober geöffnet.

Text: Ian Vermeulen



# AMPING DU NORD

## PRÉSENTATION: CAMPING DU NORD

Le Camping du Nord est situé au bord de notre commune, à la rencontre de la Sûre et de la Wiltz. Le camping, créé en 1967, est connu depuis de nombreuses années pour sa belle nature, ses sentiers de randonnée, ses possibilités de pêche et surtout pour son calme.

Depuis 2018, le camping est sous la direction de la famille Vermeulen. Depuis la reprise, des investissements dans la modernisation du camping ont été réalisés.

**Il a été décidé de remplacer les emplacements permanents par de nouveaux hébergements contemporains. Ceux-ci varient de petits hébergements pour deux personnes à des mobil-homes adaptés aux familles comptant jusqu'à six personnes.**

Il est ainsi possible d'y séjourner pour une courte durée, ce qui est très apprécié par les randonneurs du Lee-Trail, mais aussi, pendant la haute saison, par des familles avec enfants.



En collaboration avec le Parc Naturel de la Haute-Sûre, les jardins du camping ont été aménagés avec des plantes et des fleurs indigènes qui profitent à la vie des insectes. En outre, de mai à septembre, un food truck thaïlandais apporte un peu de Bangkok à la Sûre.

Comme le camping et ses hôtes sont conscients de la beauté de la nature et de sa préservation, ils s'efforcent d'avoir le moins d'impact possible sur l'environnement. Pour cela, le Camping du Nord a obtenu l'EcoLabel Argent. Ainsi, le bâtiment sanitaire est équipé d'une installation solaire thermique, les mobil-homes sont dotés de panneaux solaires, il y a deux stations de recharge pour les voitures électriques et récemment, avec l'aide et les conseils de l'Oekozer Pafendall et de la Chambre de Commerce, un Pixii PowerShaper a été installé pour stocker l'électricité produite (voir aussi : <https://projekte.oekozer.lu/documentcenter/ecolabel-konferenz-unterstuetzung-fuer-energetische-und-oekologische-massnahmen/>).

Voulez-vous passer la nuit au Camping du Nord ? Ou bien vos amis/votre famille viennent-ils vous rendre visite dans notre commune ? Il vous suffit de faire une réservation via notre site web.

Le camping est ouvert d'avril à fin octobre.

Texte : Ian Vermeulen



# NATIONALES WOCHENENDE DER BIODIVERSITÄT IN GOESDORF



Seit fast 25 Jahren organisiert das Nationalmuseum für Naturgeschichte (Natur Musée) das Wochenende der Biodiversität, eine Vorzeigeveranstaltung, die der Sensibilisierung und der Bedeutung der Erhaltung unserer Umwelt gewidmet ist. Dieses Jahr wurde das Wochenende zusammen mit dem Naturpark Öewersauer vom 14. bis zum 16. Juni 2024 in der Gemeinde Goesdorf organisiert.

Die Einwohner und vor allem die Kinder konnten die Natur in ihrer Umgebung kennen und schätzen lernen. An die 130 Schulkinder von Précoce bis C.4 tauchten in die Welt der Artenvielfalt rund um Dahl ein. Hierfür durften sie an 8 verschiedenen Stationen zusammen mit den Spezialisten vom Fach Insekten fangen, speziell die Heuschrecken genauer kennen lernen, verschiedene Grasarten unter die Lupe nehmen oder auch die Vielfalt an Wiesenpflanzen erforschen. Des Weiteren untersuchten die Kinder Baum- und Straucharten, entdeckten Krabbeltiere in verschiedenen Lebensräumen und erkundeten Waldtiere in den unterschiedlichen Schichten des Waldes.

Am Sonntagvormittag konnte die Biodiversität vor der eigenen Haustür auf einer geführten Wanderung zusammen mit verschiedenen Spezialisten entdeckt und kennengelernt werden.

Außerdem machten sich die wissenschaftlichen Mitarbeiter an diesem Wochenende auf die Suche nach möglichst vielen Tier- und Pflanzenarten. So trafen sich die Experten nach 20 Jahren erneut im Naturpark Öewersauer, um eine der umfassendsten Bestandsaufnahmen der Artenvielfalt der Gemeinde Goesdorf zu erstellen.

Dank der Teilnahme von über 20 Experten wurden bislang 1541 Beobachtungen, die 589 verschiedene Arten repräsentieren, auf der Plattform iNaturalist regist-



© Caroline Martin



Curculio venosus © Claude Kolwelter



### Neugierig geworden?

Dann besuchen Sie uns auf unserer Internetseite [www.naturpark-sure.lu](http://www.naturpark-sure.lu) oder direkt in Esch-Sauer.

#### Alle Ergebnisse im Detail:

<https://www.inaturalist.org/projects/biodiversiteits-weekend-2024-goesdorf>

die genaue Bestimmung der Beobachtungen durch die Experten noch einige Zeit in Anspruch nehmen wird und die komplette Artenliste des Wochenendes erst in den folgenden Monaten komplett sein wird.

Eines steht fest: Artenvielfalt ist nicht nur im tropischen Regenwald anzutreffen, sondern auch bei uns und ist ein wesentlicher Bestandteil des natürlichen und landschaftlichen Reichtums unserer Region.

Seit jeher setzt sich der Naturpark Öewersauer für diese Artenvielfalt ein und auch Sie können Teil davon sein. Neben regelmäßigen Workshops (Insektenhotels, Nistkästen, Pflanzungen, ...), bietet der Naturpark Information und Hilfestellung an. Kennen Sie bereits die Broschüren der Serie „Loscht op Natur“ oder haben bereits vom Projekt „d’Naturparken zu Lëtzebuerg – (een) Insekteräich“ gehört?

Text: Naturpark Öewersauer

riert und überprüft. Dies stellt noch immer nur einen Teil der erfassten Vielfalt dar. Es ist zu bedenken, dass



# WEEK-END NATIONAL DE LA BIODIVERSITÉ À GOESDORF



*Boettgeriella pallens* © Claude Kolwelter

Depuis près de 25 ans, le Musée national d'histoire naturelle organise le week-end de la biodiversité, une manifestation phare consacrée à la sensibilisation et à l'importance de la préservation de notre environnement. L'édition de cette année s'est déroulée en collaboration avec le Parc Naturel de la Haute-Sûre du 14 au 16 juin 2024 dans la commune de Goesdorf.

Les habitants, et en particulier les enfants, ont pu découvrir et apprécier la nature qui les entoure. Près de 130 écoliers, allant de la classe de Précoce à C.4, ont plongé dans le monde de la biodiversité autour de Dahl. Pour ce faire, ils ont pu capturer des insectes, en particulier des sauterelles, à 8 stations différentes avec les spécialistes,

examiner à la loupe diverses espèces d'herbes ou encore étudier la diversité des plantes de prairie. Les enfants ont également examiné des espèces d'arbres et d'arbustes, découvert des petites bêtes dans différents habitats et exploré les animaux forestiers dans les différentes strates de la forêt.

Le dimanche matin, une randonnée guidée animée par des spécialistes a permis de découvrir et de mieux comprendre la biodiversité à notre porte.

En outre, les collaborateurs scientifiques sont partis ce week-end à la recherche du plus grand nombre possible d'espèces animales et végétales. Ainsi, après 20 ans, les experts se sont à nouveau réunis dans le Parc naturel de la Haute-Sûre afin d'établir l'un des inventaires les plus complets de la biodiversité de la commune de Goesdorf.

Grâce à la participation de plus de 20 experts, 1541 observations représentant 589 espèces différentes ont été enregistrées et vérifiées à ce jour sur la plate-forme iNaturalist. Cela ne représente qu'une partie de la diversité recensée. Il ne faut pas oublier que la détermination précise des observations par les experts nécessitera encore un certain temps et que la liste complète des espèces du week-end ne sera pas finalisée avant plusieurs mois.



© Caroline Martin

Une chose est sûre : la biodiversité ne se limite pas aux forêts tropicales, mais se trouve également chez nous et constitue un élément essentiel de la richesse naturelle et paysagère de notre région.

Depuis toujours, le Parc Naturel de la Haute-Sûre s'engage pour cette biodiversité et vous pouvez aussi en faire partie. Outre des ateliers réguliers (hôtels à insectes, nichoirs, plantations, ...), le Parc naturel propose des informations et de l'aide. Connaissez-vous déjà les brochures de la série « Loscht op Natur » ou avez-vous déjà entendu parler du projet « d'Naturparken zu Lëtzebuerg - (een) Insekteräich » ?


Texte : Naturpark Öewersauer

### Curieux ?

Alors n'hésitez pas à visiter notre site internet [www.naturpark-sure.lu](http://www.naturpark-sure.lu) ou à vous rendre directement à Esch-sur-Sûre.

Toutes les observations en détail :

<https://www.inaturalist.org/projects/biodiversiteits-weekend-2024-goesdorf>



# VËLOSUMMER 2024 ERFOLLEG TROTZ SCHLECHTEM WIEDER



Och dëst Joer war d'N27 tëscht der Giewelsmillen a Lëlz erëm ee Weekend fir de Vëlosummer gespaart ginn. Dëse war vum 27. bis den 28. Juli 2024 fir d'véierte Kéier am Sauerdall a fir d'drëtte Kéier war an deem Kontext d'Summerfest vun de Vältesfrënn. D'selwecht wéi déi lescht Jore gouf et déi zwee Deeg iwver Hameschmieren, Eisekuchen a Gedrénks fir d' Vëlosfuerer a Samsdes Oves e kale Plat mat regionale Produce fir eng 100 Leit, déi de Wee an d'Zelt fonnt haten. Fir de musikalischen Encadrement huet de Patrick Wilmes gesuergt.

Änlech wéi d'lescht Joer huet et um Samschde gewierkt, wéi wann d'Wieder dem Erfolleg am Wee géif stoen. Dat huet sech Sonndes awer geännert, sou dass trotz dem geréngen Undrang um Virdag dee ganze Sonnden iwver vill Cycliste profitéiert hunn, fir eppes z'lessen an deen een oder anere Patt ze drénken.



Nieft de Vältesfrënn huet virun allem d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng Géisdref zum Gelénge vum Weekend bäigedroe.

Text: Val Weicherding



# L'ÉTÉ À VÉLO 2024 (VĚLOSUMMER) – UN SUCCÈS MALGRÉ LE MAUVAIS TEMPS

Une fois de plus, la N27 a été fermée entre Goebelsmuehle et Lutzhausen, dans le cadre de l'organisation de l'été à vélo. Du 27 au 28 juillet 2024, le « VĚlosummer » a été organisé pour la quatrième fois dans la vallée de la Sûre ; la fête d'été des « VĚltesfrĚnn » a eu lieu pour la troisième fois. Tout comme l'année précédente, les cyclistes ont pu déguster des sandwichs au jambon, des gaufres et des boissons pendant les deux jours. Le samedi soir, une centaine de personnes ont pu savourer un plat froid de produits régionaux sous la tente. L'accompagnement musical était assuré par Patrick Wilmes.

Similairement à l'année dernière, le samedi, la météo semblait vouloir jouer les troubles-fêtes. Mais le di-

manche, la tendance s'est inversée et de nombreux cyclistes ont pu profiter des boissons ou d'un petit repas.

Outre les « VĚltesfrĚnn », c'est surtout le soutien de la commune de Gœsdorf qui a contribué à la réussite du weekend.

Texte : Val Weicherding



# EINWEIHUNG DES PROJEKTS "D'GESCHICHT VUN DER UEWERSAUER" RUND UM DEN OBERSAUER-STAUSEE

Mit großer Freude verkündet der Naturpark Öewersauer die Einweihung des Projekts "D'Geschicht vun der Uewersauer". Dieses historische Projekt umfasst zwölf Informationstafeln, die rund um den Stausee installiert wurden und verschiedene Aspekte der Entstehung und Auswirkungen des Obersauer-Stausees beleuchten.

Die Themen der Tafeln reichen von Tourismus über den Bau der Staumauer, Landschaftsveränderungen, Stromproduktion bis hin zur Natur. Jede Tafel behandelt ein eigenes Thema und wird durch Zeitdokumente veranschaulicht, die dank der Beiträge zahlreicher geschichtsinteressierter Bewohner der Region zusammengestellt wurden. Diese Initiative hebt die großen Veränderungen hervor, die der Stausee in die Region brachte und verdeutlicht seine Bedeutung, da er heute etwa 80 % der Luxemburger Haushalte mit Trinkwasser versorgt.

Die meisten Informationstafeln befinden sich entlang des 44 km langen Wanderwegs "Circuit du Lac" und können bei einer anspruchsvollen Wanderung besichtigt werden. Für eine bequemere Erkundung steht am Wochenende sowie an Feiertagen die Stauséi-Navette zur Verfügung, die die Wanderung in Etappen ermöglicht. Die Tafeln, deren Segel-Form und Rahmen aus robustem Holz für einen einzigartigen Wiedererkennungswert sorgen, sind dreisprachig in Deutsch, Französisch und Englisch verfasst.

Die feierliche Einweihung fand am 29. August im Beisein des Ministers für Landesplanung, Herrn Claude Meisch, statt. Marco Koeune, Bürgermeister der Stau-

seegemeinde, begrüßte die Anwesenden an der Tafel neben der Vorstaumauer bei Bavigne, die das Thema "Breitentest auf der Staumauer Bavigne" behandelt. Anschließend ging es zu Fuß etwa 1 km Richtung Lief-range, wo auf dem Parkplatz oberhalb der Base nautique die Tafel zum Thema "Die Mühlen im Obersauertal" feierlich enthüllt wurde.

Das Projekt "D'Geschicht vun der Uewersauer" lädt Einwohner und Besucher ein, die reiche Geschichte und die landschaftlichen Veränderungen der Obersauer-Region zu entdecken und zu erleben. Finanziert wurde das Projekt von der Abteilung für Raumentwicklung (DATer, Département de l'aménagement du territoire) des Ministeriums für Wohnungsbau und Raumentwicklung. Weitere Informationen zu den genauen Standorten der Tafeln finden Sie unter [www.naturpark-sure.lu](http://www.naturpark-sure.lu).

Text: Naturpark Öewersauer



# INAUGURATION DU PROJET « L'HISTOIRE DE LA HAUTE-SÛRE » AUTOUR DU BARRAGE DE LA HAUTE-SÛRE

*C'est avec une grande joie que le Parc Naturel de la Haute-Sûre annonce l'inauguration du projet « L'histoire de la Haute-Sûre ». Ce projet historique comprend douze panneaux d'information qui ont été installés autour du lac de barrage et qui mettent en avant différents aspects de la création et des effets du barrage de la Haute-Sûre.*

*Les thèmes des panneaux vont du tourisme à la nature en passant par la construction du barrage, les modifications du paysage et la production d'électricité. Chaque panneau traite d'un thème particulier et est illustré par des documents d'époque rassemblés grâce à la contribution de nombreux habitants de la région passionnés d'histoire. Cette initiative souligne les grands changements que le barrage a apportés à la région et met en évidence son importance, puisqu'il fournit aujourd'hui de l'eau potable à environ 80% des ménages luxembourgeois.*

*La plupart des panneaux d'information se trouvent le long du Circuit du Lac, un sentier de randonnée de 44 km, et peuvent être visités lors d'une randonnée difficile. Pour une exploration plus confortable, la navette du Lac de la Haute-Sûre est disponible le week-end ainsi que les jours fériés et permet d'effectuer la randonnée par étapes. Les*



*panneaux, dont la forme de voile et le cadre en bois robuste assurent une reconnaissance unique, sont rédigés en trois langues : allemand, français et anglais.*

*L'inauguration solennelle a eu lieu le 29 août en présence du ministre de l'aménagement du territoire, Monsieur Claude Meisch. Marco Koeune, bourgmestre de la commune du Lac de la Haute-Sûre, a accueilli les personnes présentes au panneau situé à côté du pré-barrage près de Bavigne, qui traite du test de largeur sur le barrage de Bavigne. Le groupe s'est ensuite dirigé à pied sur environ 1 km en direction de Liefrange, où le panneau sur le thème des moulins dans la vallée de la Haute-Sûre a été solennellement dévoilé sur le parking en amont de la Base nautique.*

*Le projet invite les habitants et les visiteurs à découvrir et à vivre la riche histoire et les changements paysagers de la région de la Haute-Sûre. Le projet a été financé par le Département de l'aménagement du territoire (DATer) du Ministère du Logement et de l'Aménagement du Territoire. Plus d'informations sur l'emplacement exact des panneaux sont disponibles sur [www.naturpark-sure.lu](http://www.naturpark-sure.lu).*

Texte : Naturpark Öewersauer



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère du Logement et de  
l'Aménagement du territoire  
Département de l'aménagement  
du territoire

*Kéisbuffet: 28€*

*Assiette Surprise: 30€*

*+ Dessert*



23.11.2024

# Beaujolais

## Owend

*zu Nacher am Sall*

*ab 19.00 Auer*



*Ummeldung bis den  
17. November beim  
Claude Deckenbrunnen:  
621 687 780 oder  
jeunessedol@gmail.com*

# FUESBAL

## 09.02.2025

**Kanner-  
fuesbal** vum Veräin "Fraen a Mammen"  
zu Nacher am Sall

## 01.03.2025

Vum Veräin „Theaterclub Hexemeeschter“  
zu Nacher am Sall

# Chrëscht Veillée

**Freides, den 13.12.2024**  
um 19.00 Auer  
zu Boukels bei der Krëppchen.

Mat besënnlechen Texter  
a musikaleschem Encadrement  
vun der Géisdreifer Strëpp..

Duerno gi mer mat den Hierten  
an déi gehëtzte Schéifericht,  
wou et en Teller Zopp, e Stéck Bûche  
an e Patt zum Beschte gëtt.

Organiséiert vun de Vâltesfrënn Boukels

Top-left: Face with green-rimmed glasses and a red nose.

Top-right: Face with yellow crown-shaped glasses and a red nose.

Bottom-left: Face with red-rimmed glasses with horizontal stripes and green star-shaped antennae.

Bottom-right: Face with yellow-rimmed glasses, a skull on the forehead, and a red nose.

Bottom-left (pink background): Face with purple heart-shaped glasses.

Bottom-right (green background): Face with purple flower-shaped glasses and a red nose.

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2024/2025

DATUM		VERÄIN	UERTSCHAFT
21.11.2024	Journée du 3 <sup>ème</sup> âge	Gemeng Géisdref + Club Uewersauer	Sall Nacher
23.11.2024	Beaujolais	Jeunesse Dol	Sall Nacher
29.11.2024	Krëstmoart	Gemeng Géisdref + Veräiner	Schoul zu Dol
30.11.2024	Krëstmoart	Gemeng Géisdref + Veräiner	Schoul zu Dol
03.12.2024	Adventsnomëtteg	Fraen + Mammen	Sall Nacher
13.12.2024	Chrëschtveillée	Vältesfrënn Boukels	Krëppchen Boukels
10.01.2025	Theater	Hexemeeschter	Sall Nacher
11.01.2025	Theater	Hexemeeschter	Sall Nacher
12.01.2025	Theater	Hexemeeschter	Sall Nacher
17.01.2025	Theater	Hexemeeschter	Sall Nacher
18.01.2025	Theater	Hexemeeschter	Sall Nacher
02.02.2025	Liichtmessdag		
09.02.2025	Kannerfuesbal	Fraen + Mamen	Sall Nacher
16.02.2025	Vältesfest	Vältesfrënn Boukels + Jeunesse	Grange Pinon
27.02.2025	Fettendoneschdig		
01.03.2025	Fuesbal	Hexemeeschter	Sall Nacher
09.03.2025	Buergebrennen		
15.03.2025	Grouss Botz		
21.03.2025	Theater	Theaterfrenn Géisdref	Sall Géisdref
22.03.2025	Theater	Theaterfrenn Géisdref	Sall Géisdref
28.03.2025	Theater	Theaterfrenn Géisdref	Sall Géisdref
29.03.2025	Theater	Theaterfrenn Géisdref	Sall Géisdref
30.03.2025	Theater	Theaterclub Géisdref	Sall Géisdref
05.04.2025	Hobbymaart	Coin de Terre	Sall Nacher
06.04.2025	Hobbymaart	Coin de Terre	Sall Nacher
12.04.2025	Tournoi	D.T. Nacher	Sportshall Dol
01.05.2025	1 <sup>te</sup> Mai Feier		
04.05.2025	Kirmes Dol		
11.05.2025	Kirmes Nacher		
19.05 – 23.05.2025	Schoulsportwoch		Campus Dol
08.06.2025	Mammendag		
14.06.2025	Bal	Jeunesse Géisdref/Boukels	Loubau Boukels
14.06.2025	Hämmelsmarsch Boukels	Entente Géisdref	Duerf Boukels
23.06.2025	Nationalfeierdag	Gemeng Géisdref	Campus Dol
03.07.2025	Porte ouverte Grillfest	Amiperas	Sall Géisdref
06.07.2025	Familjendag	Sängerfrenn Caecilia	Sall Géisdref
11.07.2025	Campusfest		Campus Dol

# D'HEXEMEESCHTER NACHER

Eng aktiv Saison huet fir d'HEXEMEESCHTER vu NACHER ugefang...

Ons Theaterprouwen si voll amgaang fir datt mir, wéi gewinnt, Eech am Januar 2025, e puer flotter Stonne kënnen bidden, wou mir ganzer 5 mol op der Bühn stinn. Gspillt gët ee lëschtigen Dräiakter, ënnert der Leedung vum Eric Bolmer.

Dovunner iwwerzeegen kënt dir Eech op folgenden Datumer, déi dir schons kënt notéieren: Freides, den 10<sup>ten</sup>; Samsdes, den 11<sup>ten</sup>; Sonndes, den 12<sup>ten</sup>; Freides, den 17<sup>ten</sup> a Samsdes, den 18<sup>ten</sup> Januar 2025. All Kéier um 20:00 Auer, ausser Sonndes um 18:00 Auer.

Bis dohinner steet awer nach méi um Programm. Wéi all Joer, machen d'Hexemeeschter een Don un déi, wou mir denken, déi ët gutt an richtig wëssen anzesetzen.

Dëst Joer geet deen Don un d'Air Rescue, déi jo den 26. März 2024 vill Schued duerch ee schrecklecht Feier huet missten erliewen.

Fir nitt ze vergiessen! D'Hexemeeschter sin och op der zweeter Editioun vum Krëstmoart zu Dol, Freides, den 29sten a Samsdes, den 30sten November 2024 präsent. Dir fannt eis am Gedrénks-Chalet, wou mir eis freeën Eech all kënnen ze begréissen a mateneen ee gudde Patt genéissen.

Als leschten Event bleiwt z'ernimmen, den Hexemeeschter hieren Fuesbal, zu Nacher am Sall, Fues-samsdeg, den 1. März 2025.

fir d'Hexemeeschter  
Bea Reis

# FOTO-REPORTAGEN



Journée  
des récompenses  
05.07.2024



# NOPECHFEST 2024

Och dëst Joer hunn sech d'Awunner zesumme gedoen, an Nopeschfester organiséiert.

Dobei waren dëst Joer d'Nacherstrooss, d'Cité Um Pad zu Nacher, d'Cité Am gringe Päschen zu Boukels, an zu Dol den Nacherwee.

Wann och Dir wëllt eppes organiséieren, méllt Iech op der Gemeng.

Dat nächst Nopeschfest wäert Enn Mee 2025 stattfannen.



Nacher, um Pad



Boukels



Boukels



Nacherstrooss



Nacherstrooss



Boukels

**DE SCHÄFFEN- A GEMENGEROT, SOUWÉI DAT GANZT  
PERSONAL VUN DER GEMENG GÉISDREF, WËNSCHEN IECH  
SCHÉI FEIERDEEG AN E GUDDE RUTSCH AN D'JOER 2025!**



© Romy Stiepen



**GOESDORF**  
Gemeng Géisdref

*Hei wëll ech bleiwen!*